Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 12/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

Op RTL gëtt den Enovos-Direkter an engem Artikel zu den héije Gaspräisser vun haut (31.08) zitéiert. Laut dem Direkter wier dëst Joer de Präis vum Stroum ëm 2,5% an d'Luucht gaangen, fir d'nächst Joer misst ee mat "signifikanten" Haussë vun 30% bis 40% fir Privatpersoune rechnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäerten d'Präisser vum Stroum op den Elektroborne méi deier ginn? Wa jo ëm wéi vill?
2. Wann d'Präisser an d'Luucht ginn, wäert d'Regierung hei Hëllefe fir d'Konsumenten ubidden, fir dass dës duerch den Ëmstig op een Elektroauto net bestrooft ginn an d'Kafe vun esou engem Auto attraktiv bleift?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten